

Wéi ech am Juli ugefaangen hunn, un dësem Rapport ze schaffen, hat ech, soe mer mol, op d'mannst Respekt virun der Kënschtlecher Intelligenz. Mee a fuur et à mesure vun de Gespréicher sinn ech ëmmer méi zouversichtlech ginn. Et gëtt sécher Geforen, op déi mer mussen oppassen. Et gëtt sécher Erausforderungen, déi mer als Land mussen ugoen. Mee et gëtt och Chancen, Chancen och fir déi méi Schwaach ënner ons.

Erlaabt mer nach, e perséinlecht Wuert hei ze soen: Dacks, ze dacks, héiert een, dass d'Jugend vun haut näischt daache géif, dass fréier alles besser gewiescht wier. Dat huet jo anscheinend de Sokrates scho gesot. Meng Erfahrung ass eng aner. Déi Jonk haut hunn e risegrousst Wëssen. Si mussen permanent mat neien Technologien eens ginn. Si erklären dacks hiren Eltere genesou vill, wann net souguer méi, wéi ëmgedréint.

Op menger Rees duerch d'Kënschtlech Intelligenz déi lescht Méint gouf ech begleet vum Ifeta Sabotic.

Hatt ass ganz jonk, et kouw d'lescht Joer frësch vun der Uni. Seng Assiduitéit, seng Intelligenz, säi Wëssen, säin Duuscht no méi Wëssen, säi Fläiss a säi Professionalismus hu mech immens beandrockt. Merci dem Ifeta Sabotic fir d'Assistenz, d'Kollegialitéit a fir déi immens grouss Hëllef bei der Redaktioun vum schrëftleche Rapport.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Corinne Cahen** (DP), rapportrice | Merci och dem Jeffrey Drui, dem Anne Glesener, dem Christine Fixmer, dem Sara Agostini gradewéi och all meng Kolleegen aus der DP-Fraktioun. E grouse Merci un all d'Memberen aus der Finanzkommissioun, speziell un d'Caroline Guezennec fir d'Assistenz an déi professionell Begleitung.

Ech wier domat um Enn vu mengem mëndleche Rapport. Am schrëftleche Rapport fannt Der, wéi gesot, nach vill méi Detailler, all d'Zuelen, d'Recommandatiounen an de Resümee vun all den Avisen.

Dat allerlescht Wuert ginn ech awer ChatGPT. Ech hu gefrot, wat e gutt Schlusswuert kéint sinn. Hei ass d'Äntwert: „D'Zukunft vun der Kënschtlecher Intelligenz läit an onsen Hänn – loosst ons se verantwortungsvoll gestalten, fir Innovatioun a Mënschlechkeet ze vereenen.“

Et huet mega Spaass gemaach. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vun der Budgetrapportrice, der Madamm Corinne Cahen.

Muer de Moien héiere mer den Exposé vum Finanzminister Gilles Roth iwwert dës zwee Projeten. An domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm.

D'Chamber kënnt muer de Moien um 9.00 Auer nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 15.15 heures.)

## 55<sup>e</sup> séance

### Sommaire

#### 1. Ouverture de la séance publique

p. 17

M. Claude Wiseler, Président

#### 2. 8444 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2025 [...]

##### 8445 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2024-2028 (suite)

p. 17

Exposé : M. Gilles Roth, Ministre des Finances

#### 3. 8444 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2025 [...]

##### 8445 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2024-2028 (suite)

p. 21

Discussion générale : M. Marc Spautz (interventions de M. André Bauler, Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. Mars Di Bartolomeo et M. Franz Fayot) | M. Gilles Baum | Mme Taina Bofferding | M. Fred Keup (interventions de M. Georges Engel et M. Sven Clement)

Présidence : M. Claude Wiseler, Président ; M. Fernand Etgen, Vice-Président

Au banc du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Vice-Premier ministre ; M. Lex Delles, Mme Yuriko Backes, M. Max Hahn, M. Gilles Roth, M. Georges Mischo, M. Eric Thill, Ministres

(La séance publique est ouverte à 09.01 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

### 2. 8444 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2025 [...]

#### 8445 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2024-2028 (suite)

Wéi scho gëschter ugekënnegt, héiere mer de Moien den Exposé vum Här Finanzminister Gilles Roth

iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2025. An da ginn ech direkt dem Här Finanzminister d'Wuert. Här Roth, Här Minister.

#### Exposé

**M. Gilles Roth**, Ministre des Finances | Här President, Dir Dammen an Dir Hären an – eng Kéier ass net d' Coutume – och Exzellenzen, a souguer eng Schoulklass, déi mam Direkter vun der IGF hei an der Chamber ass.

„Kurs op muer. Ee Muer fir Jiddwereen.“ Dat ass eisen Usproch un dës Budget fir 2025. Dat ass an eisen Aen och d'Wierklechkeet vun deem éischte Budget, deem d'Handschrëft vun dëser Koalitioun dréit.

Fir d'éischt awer der Madamm Rapportrice Corinne Cahen e grouse Merci fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dir behandelt eng vun de grouse Froen vun eiser Zäit, nämlech déi vun der

Kënschtlecher Intelligenz. De Sujet passt. Wa mir Kurs op muer huelen, ass dat och e Kurs a Richtung Kënschtlech Intelligenz, an eisen Aen op e KI-Muer fir jiddwereen, wou de Mënsch Meeschter bleift iwwert d'Maschinn, ouni Technikleewegkeet an ouni Terminator-Pessimismus. Mir mussen eis just iwwert déi eethesch Risikoen – an Dir hutt et gëschter ënnerstrach – kloer sinn an déi néideg Leitplanke setzen. Dat seet jo och d'Madamm Cahen an hirem Rapport.

Da bitt d'KI eis vill Chancen, eis d'Liewe méi einfach an eis Wirtschaft méi wettbewerbsfäeg a virun allem och méi zukunftsfaeg ze maachen. Vill vun dëse Méiglechkeete gräift dësen engagierten a perséinleche Rapport och op. An ech komme gläich nach konkret op d'KI am Alldag ze schwätzen.

Här President, dës Budget steet fir eng nohalteg a sozial Finanzpolitik fir a mat de Leit, eng Finanzpolitik vun a fir déi breet Mëtt, vum sozialen Zesummenhalt an dem soziale Fridden, vun engem nohaltege Wuesstum, dee bei de Leit ukënn, mat méi Netto vum Brutto fir jiddwereen. Dat weist den Entlaaschtungs-Pak, deem Dir hei mat enger grousser Majoritéit d'lescht Woch zesumme gestëmmt hutt. Eng Finanzpolitik, déi liwwert, Wuelstand a Wuelbefanden, Zukunft an Zesummenhalt, an engem Staat als Dëngschtleeschter fir d'Leit.

Dat sinn eis politesch Ziler, och am Sënn vum éischte Joresbilan an der Verantwortung, Verantwortung fir Stabilitéit fir Land a fir Leit, mat eiser bierger- a betriebsnoer Finanzpolitik, fir Stabilitéit duerch soziale Fridden heiheim, en Triple-A an en Triple-S, eng Stabilitéit, déi och finanzpolitesch Ursachen huet. Sozial Finanzpolitik lount sech eethesch an och ekonomesch.

Op d'mannst genausou vill lount sech och de Sozialdialog. Duerfir hu mir dës Deeg zu Senneng dat europäesch Semester mat alle Sozialpartner beschwat. Duerfir hunn ech mech nom Protestpiquet a Saache Frontaliere mat de Gewerkschaften gesinn.

An och an Zukunft, Dir Dammen an Dir Hären, hale mir konsequent um Sozialdialog fest. Just esou funktionéiert de Modell Lëtzebuerg. Sozialpolitik ass och Standuertpolitik Lëtzebuerg an ëmgedréit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt net jiddwereen heibanne mat dësem Budget averstanen ass, ass Deel vum Zesummespill tëschent Opposition an Majoritéit. Merci der Chamber fir dës konstruktiv an demokratesch Debatte.

*(Interruption)*

E Merci awer och un d'Berufskummere fir hir Analysen an Ureegungen. Villes kënnen mir och deelen, manches manner. An dat ass och normal. Wat mir allegueren deele kënnen, ass, datt eis d'KI allegueren eppes ugeet. Vill vun eis schaffen haut scho mat ChatGPT a Co, an der Schoul, op der Aarbecht, an der Fräizäit an och beim Staat.

Dës Regierung schafft duerfir aktiv un enger neier KI-Strategie. Déi lescht ass vun 2019. Zanterhier ass awer villes op deem Plang geschitt. Mir wëllen och hei Kurs halen a Richtung Innovatioun, net just fir déi Happy Few, mee och Innovatioun fir jiddwereen.

D'Wierklechkeet vu muer berout op eise Weichestellung vun haut. Duerfir mussen mir an der Innovationslokomotiv setzen. Mir dierfen den Zuch vun der Innovatioun net verpassen.

Finanzpolitik, Dir Dammen an Dir Hären, ass och Innovationspolitik. Eis Finanzplaz muss och eng féierend Roll op der KI-Plaz hunn. Si ass dat haut schonns deelweis a muer nach vill méi, zum Beispill bei der Bekämpfung vun der Geldwäsch oder bei de Geschäftsbeziungen op Distanz, konkret via Chatbots. Nei Berufsbiller entstinn, nei Aktivitéiten, nei Wertschöpfung, nei Chancen, an déi wëllen, jo, déi mussen mer ganz einfach notzen.

Eis Talentunzéiungskraaft muss hei och mathalen an duerfir eis Schoul och, gradewéi eis Gesetzter. Stéchwuert: Blockchain 4.0, muer e Sujet hei an der Chamber. Mat Pionéiergeeschta schafe mir hei en neie Sécherheetskader.

Anert Beispill: d'HSBC Orion-Plattform fir d'Emissioun vun digitale Vermögenswäerter. Dat klénkt eigentlech no Sciencefiction, ass awer real.

Oder den éischten UCITS-Fong, deen op d'Blockchain zrëckgräift. D'Kontrollkommissioun, eis CSSF, huet hei am Oktober schonns Gréng Luucht derfir ginn. Dat alles geet just mat de richtigen Ureizer a mat finanziellen Direkthëllef fir eis Betriber. Ufanks des Joers huet d'BGL BNP Paribas hiren éischte KI-Projekt mat Ënnerstëtzung vum Staat lancéiert.

Och steierlech, Dir Dammen an Dir Hären, ënnerstëtze mir d'KI mat enger neier Bonifikatioun, déi zanter deem Joer a Kraaft ass. All dat ass néideg, fir global iwwerhaapt kënnen matzehalen. Ech si jo an der Lescht nawell vill gereest, dacks op Finanzmissioun, awer mat konkrete Resultater fir eist Land a seng Leit. Zum Beispill mat neie Bezuelsservicer fir den EU-Hub zu Lëtzebuerg. 35 Lizenze si vun der CSSF schonns do ginn. Fir den Zukunftszuch hei net ze verpassen, mussen mir eis Ustrengunge verduebelen, jo, souguer verdäifachen. Mir dierfen net drop waarden, dass d'Zukunft bei eis kënnt. Mir mussen hir entgéintgoe mat där typesch Lëtzebuerger Kombinatioun aus Pionéiergeeschta a virun allem gesondem Mënscheverstand.

Här President, mir brauchen dës Stärkt grad elo, well mir liewen an oniwiersichtlechen Zäiten. Eis Welt dréit all Dag méi séier. Villes, wat gëschter nach sécher geschéngt huet, ass et haut net méi. Och déi global Onsécherheete ginn éischter méi grouss wéi méi kleng. Déi global Polykrisen och.

Et si virun allem d'Konflikter, déi de Leit Suerge maachen, virop de russeschen Ugrëffskrich op d'Ukrain, awer och den Noen Osten. Dobäi kommen nach

aner geostrateegesch Spannungen. A wéi eng genee Konsequenzen d'Victoire vum President-elect Trump huet, bleift och onkloer.

Kloer bleift fir eis, datt déi transatlantesch Wäerteralianz d'Rëckgrat vun eiser Aussen- a Sécherheetspolitik bleift. Kloer ass awer och, dass déi global Loft méi rau wäert blösen, och fir eis heiheim, fir besser wéi anerer ze sinn. Europa muss sech beweegen. An dat wësse mir spéitstens zanter dem Draghi-Rapport. Europa an och Lëtzebuerg mussen méi wettbewerbsfäeg ginn, net mat méi Protektionismus, mee mat enger Notzung vun eise globale Chancen an engem faire Multilateralismus. D'Rechnung riskéiert soss fir jiddweree méi deier ze ginn. Och dofir brauche mir eng handlungsfäeg Europäesch Unioun a Stabilitéit, och an eisen Nopeschlänner, déi am Moment net – leider net! – ginn ass, an dat net ouni Impakt op Lëtzebuerg.

*(M. Fernand Etgen prend la présidence.)*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi geopolitesch Grousswiederlag dréckt och op d'Weltkonjunktur. Weltwäit, esou den internationale Wärfungsfong, hält sech de Wuesstum och 2025 bei 3,2 %. D'Wirtschaftsprognose fir Amerika goufen no uewe revidéiert, bei de groussen europäesche Länner no ënnen. Net erstaunlech, dass d'EU-Kommissioun de Wuesstum vun der EU fir 2025 souguer liicht no ënnen korrigéiert huet, vu plus 1,6 % op plus 1,5 %. Och an der Eurozon soll de Wuesstum fir 2025 liicht manner héich leien, wéi nach am Fréijoer ugeholl: just nach 1,3 % amplaz 1,4 %.

Fir Lëtzebuerg bleiwen d'Zuele laut EU stabil: plus 2,3 % Wuesstum fir 2025. Liicht manner optimisteschesch, wéi de Stater oder den FMI nach beim Budgetsdepot – plus 2,7 % – fir 2025 ageschat haten. Ufanks des Joers si mer nach vu plus 3 % Wuesstum fir 2025 ausgaangen.

Dat gesot, leie mir wäit iwwert dem Niveau vun 2023 an och iwwert dem Duerchschnëtt vun der EU an der Eurozon. Iergendeppes mussen mer also schonn net esou schlecht maachen.

Laut EU-Kommissioun ass eise makroekonomeschen Zenario am Aklang mat hiren eegene Projektiounen. Eis Zentralbank schwätzt vu liicht optimisteschen Zuelen an ech deelen dës virsiichtegen Optimismus.

D'Inflatioun ass weider réckleefeg, op EU-Niveau an an der Eurozon gradewéi bei eis zu Lëtzebuerg. Douduerch gi weider Zënssbaissen, loosse mer et soen, warscheinlech. D'Zentralbanke kucken d'Wirtschaftsdaten opmierksam. Den Emploi kéint 2025 erëm zouleeën, plus 1,6 % laut EU-Kommissioun, entgéint plus 1,5 % vum Stater am September.

De Chômage soll sech ëm 6 % apendelen, plus 5,9 laut FMI. D'Zentralbank schwätzt hei vun engem konjunkturellen Zyklus. A mir brauchen zu Lëtzebuerg e staarken Aarbechtsmaart fir eeben e staarkt Lëtzebuerg. Duerfir ass et wichteg, eise Skillsgap, dat heescht eis Kompetenzdefiziter, méi kleng ze maachen. An 42 Milliounen Euro, Dir Dammen an Dir Hären, vum Beschäftigungsfong ginn an d'Formatioun.

Här President, grad an onsécheren Zäite mussen mir Kurs halen an heiheim eis Hausaufgabe maachen. An dat maache mir. Grad elo mussen mir weider an den Opschwung vun eise Land a seng Leit investéieren an heiheim fir méi Kafkraaft suergen, fir Klengverdénger an déi breet Mëtt, fir eise sozialen Zesummenhalt a soziale Fridden.

Grad elo mussen mir méi investéieren an d'Nohaltegkeet, an de Klimaschutz an an déi energieetesche digital Transitioun, fir eise Standuert Lëtzebuerg ze stäerken an d'Zukunftsfäegkeet vun eise Land am Sënn vun enger nohalteger a virun allem sozialer Finanzpolitik fir d'Leit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Kurs op muer“ heescht, kloer Ziler mat engem kloer Bléck upeilen. Dat ass keng Navigation à vue. An et ass och kee blannen Optimismus. Mir loosse eis net beieren an halen e realistesch a virun allem faktebaséierte Kurs op muer. Mat Mooss a Mëtt, awer ni mat Mëttelmooss, well et geet zwar just liicht, mee et geet biergop.

No engem geschaten Defizit am Zentralstaat fir 2024 vun 1,9 Milliarden Euro am Fréijoer elo nach „just“, ënner Gänseféisercher, 1,4 Milliarden Euro. An et ass net auszuschléissen, dass sech d'Situatioun am Zentralstaat nach verbessert. Esou sinn d'Einnamen op den 30. November 2024 op ee Joer gekuckt ëm ronn 2,9 Milliarden Euro gewuess, plus 12,6 %. Dës positiv Entwécklung hält deemno un.

E Plus vu 612 Milliounen Euro oder 31,3 % bei der Kierperschaftssteuer. E Plus vu 500 Milliounen Euro oder plus 9,3 % bei der Lounsteuer, trotz Inflationsberengung vum Steuerbarème. An och e Plus vun 220 Milliounen Euro oder 31,4 % bei der Kapitalsteuer.

Bei den Ausgaben awer och e Plus vun 2,1 Milliard respektiv 9 %. Deemno weiderhin op den 30. Dezember e positive Schéiereffekt.

E Solde am Zentralstaat op den 30. November vu plus nach ëmmer 147 Milliounen Euro, plus 754 Milliounen Euro méi op ee Joer gekuckt. Méiglech, an ech paken Holz un, en Defizit fir 2024 vu manner wéi 500 Milliounen beim eigentleche Staat, jo eventuell souguer e positive Solde am Gesamtstaat.

Nach ass et ze fréi, fir definitiv Schlëss ze zéien, mee definitiv Aussoe maachen ech dozou am éischten Hallefjoer 2025. An dobäi krute mer am Fréijoer an am Oktober nach vun der Opposition gesot, eis Zuele wieren blannen Optimismus. D'Recetté wieren iwwerschat, d'Rechnung kéint net opgoen, keng Virsiicht beim Opstelle vum Staatsbudget, mir wieren ze vill optimisteschesch bei der Akommessteuer, ze vill optimisteschesch bei der Kierperschaftssteuer, an d'Ausgaben hätte mir ënnerschat.

D'Fro vum Schrödinger senger Kaz gouf gestallt, ob déi elo lieweg oder dout wier. Abee, ech kann Tech soen, déi Kaz respektiv dee roude Léiw ass esou lieweg wéi scho laang net méi.

*(Hilarité)*

An déi Verbesserungen, Dir Dammen an Dir Hären, déi loosse sech och erklären. De Budget gëtt jo opgestallt op Basis vun Aschätzungen vun de verschiddene Ministèren iwwert d'Ausgaben a vun de makroekonomesche Virgabe vum Stater an de Schätzungen vun de Steierverwaltungen fir d'Einnamen.

Firwat gesäit dat lafend Joer also daitlech besser aus wéi ageschat? Mir kommen eigentlech vu wäit hier.

Viru gutt engem Joer krute mir nach zu Senneng e ganz pessimistesche Finanzbild vum Staat gezechent. Och mir hunn eis, muss ech soen, selwer Froe gestallt. Mee et wier weening verantwortlech vun eis gewiescht, dës beim Opstelle vum dem Budget einfach ausser Uecht ze loosse. Kurs halen heescht och, ëmmer op dat Bescht ze hoffen, mee gläichzäiteg awer op dat Schlimmst virbereet ze sinn.

Geplangten Ausgabe sinn net all realiséiert ginn, besonnesch gréisser Investissementer. Zum Beispill si gréisser Liwwerunge vu Material bei der Arméi oder bei der Eisebunn méi spéit komm wéi geplangt. Oder bei de Rekrutementen, wou de Staat net onbedéngt all nei Plaz esou besat kritt huet, wéi ee sech dat vläicht am Ufank virgestallt hat.

Här President, ech kommen elo op eis Einnamen, déi eigentlech gutt lafen. Eis Lounsteuer geet onerwaart

gutt, trotz moderater Croissance bei der Beschäftigung, dem Emploi. Dat weist, dass mir en aneren Emploi, eng aner Beschäftigung schafen, wou de Verdéngscht vläicht méi héich ass wéi ageschat.

Besounesch bei der Kierperschaftssteuer goufen 2023 an 2024 solid Salden aus de vergaangene Joren agezunn. Verschidde grouss Entrepreneuren hunn aussergewöhnlech Gewënner gemaach, déi elo besteiert goufen. Och fir dat nächst Joer gouf eng realistesch Aschätzung gemaach.

Op Recettësäit en Entlaaschtungs-Pak, dee ronn 500 Milliounen Euro manner Einnahmen erabréngt – eng versichteg Aschätzung laut nationalem Finanzrot. Plausibel Zuele bei der Persounbesteuerung, wéi d'Zentralbank eis bescheinegt. En Onsécherheitsfacteur bleift den Impact vun der Mindestbesteuerung vu 15 % op de Gewënner vun de Betriber.

Fir d'éischt awer nach eemol e Wuert zu den Eckdaten vum Budget. Fir 2025 en Defizit am Zentralstaat vu minus 1,29 Milliarden Euro, 500 Milliounen Euro besser wéi am Pluriannuel 2024. D'Defizit am Zentralstaat leien iwwert déi ganz Period ënnert dem Niveau vum Pluriannuel 2024.

Den Iwwerschoss am Gemengesecteur leet bis 2028 zou a läit da bei iwwer 230 Milliounen Euro.

Dogéint ass awer den Iwwerschoss, an dat ass speziell, an der Sécurité sociale weider réckleefeg, trotz enger lichter Verbesserung d'Joer duerch de Fonds de compensation, fir déizäit e manner dynameschen Emploi wéi uegell a méi Ofgäng an d'Pensioun. D'Verbesserung am Zentralstaat kritt d'ës eigentlech net opgefaangen.

Zur Recettësäit. Op der Recettësäit a Prozenter e Plus vu 5,2 % am Zentralstaat, e Plus vun 1,5 Milliarden Euro am Verglach zu 2024. Dat trotz Entlaaschtungs-Pak, wou de Steierausschlag, wéi virdu gesot, op iwwer 530 Milliounen Euro geschat gouf.

Wou also kënnt dee Plus dann hier? Majo, duerch ënner anerem Méieinnahmen an der TVA an den Aktien an duerch Méieinnahmen iwwert d'Taxe d'abonnement. Eis Politik vum Opschwung mécht sech also duerchaus bemierkbar. An dat bestätegen eis och déi onofhängeg Ratingagencen. Fitch Ratings an DBRS soen, dass d'Wuesstumszuele fir 2024 och op méi private Konsum zréckzeféiere sinn. Méi Netto vum Brutto, Dir Dammen an Dir Hären, bréngt duerno net just méi Kafkraaft, mee och méi Wuesstum.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth**, Ministre des Finances | An och déi rezent Resultater am Finanzsecteur si positiv. Laut der CSSF louch d'Resultat vun eise Banken, viru Steieren a Provisiounen, no deenen éischten dräi Trimestere bei 7,5 Milliarden Euro, e Plus vu bal 15 %. Mat 5.665 – ech soen nach eng Kéier – Milliarden Euro Avoiren erreecht eis Fongepaz den historeschen zweethöchsten Niveau. A mir wëllen och hei weider wuessen, grad bei alternativen Investmentfongen. Mir wëllen och d'Wuesstumpotenzial vun de cotéierte Fongen, de sougenannten aktiv geréierten ETFen, zu eise Gonschten notzen. Duerfir d'Befreiung, déi d'lescht Woch beschloss ginn ass, vun der Taxe d'abonnement fir eeben dës ETFen.

Zu den Ausgaben.

Dann eis Ausgaben am Zentralstaat: e moderate Wuesstum vu 4,5 % oder plus 1,3 Milliarden Euro fir 2025, ënnert der historescher Moyenne vu 6,7 % a wäit ënnert dem Niveau vun 2023 vu plus 11 %. Manner Ausgaben duerch manner staark Progressioun bei de Fonctionnementskäschten, trotz héijem Invest vu 4,6 % vum Bruttoinlandsprodukt, iwwert déi ganz Period am Duerchschnitt e Plus vu 4,5 %,

däitlech méi wéi an der Period vun 2014 bis 2022. An dës Innovatiounen spigelen och d'Prioritéit vun dëser Regierung zréck. An ech kommen duerno nach kuerz dorobber zréck.

Här President, eng ambitionéiert Budgetpolitik ass och eng responsabel Budgetpolitik mat enger klorer Trajectoire bis 2023 (veuillez lire: 2027), 26,7 % Schold laut Pluriannuel an net 32,4 %, wéi zu Senneng nach fir 2027 geschat. Eng Trajectoire, déi no ënne weist, eng kloer Strategie fir d'Entwécklung vun de Staatsfinanzen. Schonn d'Joer wäerte mir de positive Schéiereffekt erreechen, an dat soll och esou weidergoe mat enger Trendwenn och bei den Defiziter.

Ech hat et am Oktober och scho gesot: am Joer 2025 net 3,1 Milliarden Defizit, wéi virausgesot, mee just nach 1,29 Milliarden Euro a vläicht esouguer manner, an dat trotz Steiererlichterungen, dat trotz engem héijen Invest an dat trotz héije Sozialausgaben.

An de Joren 2024 bis 2027 an der Moyenne ronn 2 Milliarde manner Schold pro Joer, wéi nach virun engem Joer zu Senneng virausgesot, an dat ouni de sozialen Zesummenhalt an d'Schéier téschent Aarm a Räich aus den Aen ze verléieren. Och un dësem Schéiereffekt schaffe mer.

Déi nohalteg a sozial Finanzpolitik, dat ass eis Strategie och am Sënn vun den nächste Generatiounen. Manner Defizit bedeit manner Schold, och manner Schuldzënsen. Och Bréssel weist sech zefridde mat der mëttelfristeger Finanzplanung vun eise Staatsfinanzen. D'EU-Kommissioun schwätzt vun enger kredibeler Budgettrajectoire. Dat suert och fir Vertrauen op de Finanzmäert. An et ass och wichteg fir den Erhalt vun eisem Triple-A, ouni deen et keen Triple-S gëtt. Wichteg och, fir eis relativ gënschteg ze refinanzéieren, an dat an engem méi héijen Zënsëmfeld. An dat seet jo och de Rechnungshaff.

A mir wëllen eis och fir d'Zukunft en nationalen OMT ginn, also e Kader, deen och méi déi laangfristeg Ausgabe betruet, ouni awer eis de Spillraum fir Zukunftsinvestitiounen ze huelen. Den nationale Finanzrot, den CNFP, schléit hei eng nuancéiert Approche vir, déi eise Spezifitéiten och Rechnung dréit. Genee dat ass dee richtegen Usaz fir eist Land, gekoppelt un eng méi zillorientéiert Budgetpolitik mat enger Gestion par objectifs.

Här President, duerfir passe mir och eis Budgetgesetz un. An deem Kader begreissen ech ausdrécklech och déi rezent LSAP-Initiativ, fir de PIB du bien-être mat an d'Budgettexter opzehuelen. Mir musse Mënsch a Budget ganzheetlech kucken. Wuelstand a Wuelbefanne gi just zesummen. Dat huet jo och virdu den Här Cruchten op dëser Plaz gesot an och d'Madamm Martine Hansen an enger anerer Funktioun. An ech wëll, an ech huelen dat Engagement, d'Chamber nach am éischte Semester vum nächste Joer hei mat abannen.

Ech géif mir wënschen, dass mir hei e Kompromëss géife fannen, well e Budgetgesetz vun der neier Generatioun sollt iwwert d'Majoritéit vun haut eraus guttgeheescht ginn. An ech hoffen hei op eng gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Budgetpolitik ass awer virun allem konkret Politik, keng Floskelen a keng Slogane.

(Hilarité)

Dovu kënne d'Leit sech näischt kafen. Duerfir och konkret Entlaaschtungen, konkret Entlaaschtungen vun dëser Majoritéit fir d'Leit.

E steuerbefreite Mindestloun vum 1. Januar 2025 un, och an der Steuerklasse 1 eng Première. Ronn 77

Euro konkret de Mount méi netto an der Täsche, och duerch d'Hausse vum Mindestloun ëm 2,6 % op den 1. Januar 2025.

Alengerzéier, Madamm Tanson, bis zu engem Bruttoakommes vun 52.400 Euro bezuelen 2025 keng Steiere méi. Eng konkret Entlaaschtung vun 3.502 Euro, Madamm Tanson, méi an der Täsche am Verglach zu 2023 fir e Bruttoloun vu 50.000 Euro.

(Interruption)

3.782, jo Dir hutt et gutt héieren, Madamm, ...

(Hilarité)

... 3.782 Euro oder 31,4 % manner Steiere fir Alengerzéier mat engem Steuerkredit an engem Loun vu ronn 75.000 Euro.

2.793 Euro oder 14,6 %, fir et konkret ze soen, manner Steiere fir eng Famill mat zwee Kanner an der Steuerklasse 2 an engem Bruttoloun vun 125.000 Euro. 1.314 Euro, fir et konkret ze soen, oder minus 8,9 % Steiere fir e Single mat engem Bruttoakommes vu 75.000 Euro. Och si goufen d'lescht Woch net vergiess.

2.883 Euro oder 40,7 % manner Steiere bei enger Bruttopenioun – och si goufen net vergiess – vu 50.000 Euro an der Steuerklasse 1a. Duerch d'Barèmesuppassung och konkret Steiererlichterungen fir REVIS-Empfänger a Leit mat engem schwéieren Handicap.

Eng Hausse vun 10 % vun der Deierungszoulag. All Mount, an de Familljeminister sëtzt do iwwer, ronn 200 Euro weider fir e Stot vun zwou Persounen bis zu engem Bruttoakommes vu 4.605 Euro. 200 Euro de Mount netto méi. All Mount ronn 300 Euro weider fir e Stot vu véier Persounen bis zu engem Bruttoakommes vu 5.692 Euro. Net schlecht. All Mount 165 Euro weider fir e Stot vun enger Persoun bis zu engem Bruttoakommes vun 2.710 Euro. 90 Euro weider fir REVIS-Empfänger oder Leit mat engem Akommes fir Persounen mat engem schwéierem Handicap duerch d'Perennisiatioun vun dem Équivalent crédit d'impôt.

Erweiterung vun der Energieprimm bis zu engem Revenu vu 25 % iwwert der Akommesgrenz fir d'Deierungszoulag. Doduerch 600 – ech soen et nach eng Kéier: 600! – am Platz 200 Euro fir en Ee-Persoun-Stot bis zu engem Bruttoakommes vun 3.388 Euro. 750 am Platz 250 Euro fir e Stot vun zwou Persounen bis zu engem Bruttoakommes vu 5.082 Euro. An 1.050 Euro am Platz 350 Euro fir e Stot vu véier Persounen bis zu engem maximale Bruttoakommes vun ëmmerhi 7.115 Euro.

Dës Koalitioun liwwert.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth**, Ministre des Finances | Also eng Verdräifachung fir all déi, déi dës Primm elo schonns kréien. Doniewent eng Erweiterung vun der Primm op e Revenu vu bis zu 30 % iwwert der Akommesgrenz fir d'Deierungszoulag. Dat Ganzt mat enger degressiver an deemno och sozialer Komponent am Montant. Deemno 300 Euro fir en Ee-Persoun-Stot an engem maximale Bruttoakommes vun 3.523 Euro. 375 Euro fir e Stot vun zwou Persounen mat engem maximalen Bruttoakommes vu 5.285 Euro. A 525 Euro méi de Mount fir e Stot vu véier Persounen mat engem maximalen Bruttoakommes vun awer ëmmerhi 7.399 Euro. D'Leit wäerten dat schonns substanzuell spieren. Doriwwer eraus eng automatesch Steuerzoulag an Energieprimm fir Leit mat enger Allocation d'inclusion. Kuerz gesot: konkret Politik fir déi méi schwach.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth**, Ministre des Finances | 33 % méi Ofsetzbarkeit vu Schuldzësen fir Eegenheimkeefe:



16.000 Euro amplat 12.000 Euro fir eng Famill mat véier Kanner, e steierlechen Nettogewënn vun deemno – zousätzlech zu deenen aneren Ennerstëtzen – 1.830 Euro netto pro Joer. Halbéierung vun den Enregistrementsfraise bis den 30. Juni 2025 – also keng Enregistrementskäschte fir en Eegenheemkeefen an der Koppel bis zu engem Kafpräis vun 2,2 Milliounen Euro. D'Leit brauche sech also manner ze verschëlden. Keng Enregistrementskäschte fir den Investisseur bis zu engem Kafpräis vu ronn 570.000 Euro. Also: Et gëtt och elo erëm méi gebaut. Eng Verdeublung vun der Loverssubventioun fir d'Kanner vu 40 op 80 Euro. Bis zu 1.000 Euro de Mount kann e Privatpatron als Wunnprimm fir déi Jonk ënnert 30 Joer ginn an dovunner si 25 % steierfräi. Mir vergiessen also och eis Locatairen an déi Jonk net.

An dës Lëscht léisst sech eigentlech, Dir Dammen an Dir Hären, belibeg weiderféieren. Mee ech hunn déi konkreet Zuelen hei bewosst genannt, dass d'Leit och emol eng Kéier dobause matkréien, wat dann hei alles ënnerholl gëtt an dëser Finanz- a Sozialpolitik. Dat ass d'Politik vun dëser Regierung a fir dës Koalitioun heescht dat konkreet Entlaaschtung fir d'Leit. An dat heescht och konkreet Kurs op e Muer fir jiddwereen halen.

Här President, dës Budget liwwert konkreet Äntwerte fir muer, fir méi Wunnengsbau virop abordabel, fir e méi staarke Sozialstaat a manner Aarmut, fir méi Mobilitéit, besser Infrastrukturen, méi Klima- an Ëmweltschutz zesumme mat dem nationalen Energie- a Klimaplang, fir méi Kompetitivitéit an e méi performante Staat mam Fokus op dat Digitaalt, fir méi Sécherheet fir de Bierger heiheem an och an der Welt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Wunnengsbau. Jo, de Wunnengsbau bleift eng vun eisen Haaptprioritéite fir muer. Lues awer sécher wierkt eise Logementspak fir méi Schwong um Bau. Och hei gesi mir Opschwong, an net mir eleng, och d'Chambre immobilière, déi jo kéint kloen, fir um nächsten Horizont ... Och de Konstruktionssecteur selwer weist sech am drëtten Trimester erëm méi zouversiichtlech. Genee dofir hu mir déi temporär Moossnamen elo verlängert, fir grad elo méi Opschwong fir d'Reprise ze liwweren. Eng Reprise, déi schonns, wéi ech gesot hunn, ze erkennen ass, zum Beispill bei de Banken. Och am Neibau, bei de VEFAen, wäerte mir dësen Opschwong gesinn. Och dofir war et wichteg, nach emol nozeleeën, virop op d'Aarbechtsplazen am Bau ze stäipen a Faillitten – wäitgeendst hoffen ech och – am éischte Semester d'nächst Joer ze evitéieren. Ech ginn awer duerfir keng Garantie. A wann duerch déi nei Baumoossnamen erëm de Bau unzitt, zéien och d'Beschäftegung a mëttelfristeg d'Einnamen no.

Et bleift richteg, datt wann et dem Bau gutt geet, da geet et och dem Lëtzeburger Land gutt. Den Zougang zu enger Wunneng ass net nëmmen eng Fro vum eegene Portmonni, et ass och d'Fro vun der Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg. Laut Zuele vun der Handelskummer missten all Joer tëschent 6.000 a 7.500 Wunnenge fäerdeggestallt ginn. Gutt 3.000 konnten déi leschten 20 Joer – an do ass jiddwereen dru responsabel – am Duerchschnitt gebaut ginn, also knapps d'Hallschent. E chronesch Defizit a mir mussen hei, a mir wëlle virun allem, géigesteieren. Nach ni huet eng Regierung duerfir méi an den abordable Wunnengsbau investéiert, wéi dës Regierung et sech virgeholl huet. 461 Milliounen Euro eleng am Budget 2025: eng Hausse vun 130 Milliounen Euro am Verglach zum leschte Joer 2024. Ronn 24 % fir Projete vun dem Fonds du logement. Gutt 11 % vun där Enveloppe fléisse jeweils un d'SNHBM an un de Gemengesector. An nach emol gutt 10 % un aner Acteuren.

An och de VEFA-Opkafprogramm geet säi Wee. Op de 16. Dezember – also op e Méindeg – goufen an deem Kader 228 Wunnenge fir e Gesamtchiffer vun 138 Milliounen Euro kaaft. Fir weider 168 Wunnengen ass schonns e Reservatiounsvertrag an der Maach fir e Gesamtmontant vun nach eng Kéier 114 Milliounen Euro. Mam Logementspak vum Januar 2024 huet dës Regierung, wéi gesot, éischt Jalone gesat, fir souwuel den Eegenheemkeefen wéi och de Locatairen ënnert d'Äerm ze gräifen. Op den 30. November – also viru gutt 14 Deeg – hunn 9.777 Persounen de Bëllegen Akt ugefrot fir e Gesamtmontant vun 33,3 Milliounen Euro. De Steierkredit fir Locatiounswunnengen dogéint, Stand 30. November, just 192 Persounen. An awer eng quasi Verdeublung am Verglach zu Enn September 2024: deemools just 109 Leit an haut, wéi gesot, 192. Hei hu mir eis also schonns verbessert, well am véierten Trimester vun dësem Joer huet de Verkaf vu Wunnengen nawell zolidd erëm ugezunn, duebel esou vill wéi am drëtten Trimester. D'Moossname wirken also, mee et geet nach net duer an duerfir gëtt och verlängert, fir dem duussen Opschwong e weideren Opdriff ze ginn. An och hei heescht et Kurs a Richtung Opschwong ze halen.

De gesamten zäitbegrenzte steierleche Logementspak gëtt duerfir, wéi gesot, ëm sechs Méint verlängert. Déi entspreche Texter stinn de Moie parallel zu dëser Sitzung op der Dagesuerdnung vum Regierungsrat, fir dass se dann och kënne réckwierkend agefouert a weidergefouert ginn. Dat betrëfft déi eenzel Steierkreditter, geneesou wéi de sougenannte Quart du taux global oder d'Plus-value-Besteuerung an och d'Aussetze vun der Plus-value-Besteuerung bei engem Invest an eng sozial respektiv ökologesche héichwäerteg Wunneng, an nieft der Halbéierung vun den Enregistrementskäschten. D'Zil ass also kloer: Terraine mobiliséieren, de Baumotor erëm ukierpen an d'Leit an der Aarbecht halen. Am Moment houscht de Baumotor nach e bëssen. Duerfir ass elo de Moment, geziilt a virsichteg Gas ze ginn, fir genuch Kraaft ze hunn, fir eis Economie och ganz kënne matzezéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu scho vun Triple-A a vun Triple-S geschwat. Ouni staark Wirtschaft och kee staarke Sozialstaat an ëmgedréint, an ouni béides kee staarkt Lëtzebuerg. Dofir hale mir och an Zukunft Kurs op e staarke Sozialstaat. Nobäi all zweeten Euro si Sozialtransferten. Konkreet sinn dat 47 % vum Budget oder 14,3 Milliarden Euro. Mir wëllen dës Sozialausgaben héich hale fir e staarke Kader fir sozial méi schwach Leit, mat enger verbesserter Deierungsoulag, enger erweiderter Energieprimm an och mat sozialer Staffellung. Awer och administrativ: duerfir méi finanziell Ennerstëtzung vun den Offices sociaux duerch de Staat, mat 25 Milliounen Euro fir 2025. Mat weideren Entlaaschtungen fir kleng a mëttel Akommissen. Ech erënneren un den Entlaaschtungs-Pak an Héicht vu 535 Milliounen Euro. All dës Moossname si wichteg fir eise sozialen Zesummenhalt an de Kampf géint d'Aarmut. Dat gëllt och fir Chèques-services accueil, déi eleng den Aarmutsrisiko bei de Kanner, laut Statec, ëm 4 % – dat ass erstaunlech – no ënnen drécken. De Käschtepunkt dofir, muss een och soen, 804 Milliounen Euro geschat fir 2025.

Mir wëllen awer weider an d'Zukunft vun eise Kanner investéieren, iwwert d'Zukunftseess mat ronn enger Milliard Euro: enger Milliard Euro fir d'Kannergeld, 33 Milliounen Euro eleng fir d'Rentrée scolaire. Och an der Schoul mat Investitiounen an Héicht vun 130 Milliounen Euro. 276 Milliounen am Joer 2028 an engem Gesamt-Educationsbudget – gëschter ass et schonn ugekleng – vu 4,4 Milliarden Euro oder iwwer 14 % vum gesamte Budget vum Lëtzeburger Staat. An iwwert de Museksunterrecht: Jo, och dee schléit mat 64 Milliounen Euro fir de Staat eleng zu Buch.

Här President, zu dem Zesummenhalt zu Lëtzebuerg – kuerz – zielen och de Sport an d'Kultur. De Sport kritt dee Stellwäert, deen e verdéngt huet, mat enger Erhéijung bei de lafende Käschte vun 41,1 Milliounen op 66,5 Milliounen Euro, also eng Croissance vun 62 % zanter 2023. Domadder stärke mir d'Sportstrukturen substanzuell am Interessi vu Veräiner a Verbänn an och vun eiser Gesondheet. Dobäi kënnt eng Subsidereform vun iwwer 14 Milliounen Euro. Mat enger Dotatioun vun 135 Milliounen Euro am Fënnéjoresplang bleift den Invest an d'Sportsinfrastrukturen och héich.

D'Kultur, Dir Dammen an Dir Hären, kritt hirersäits och Opdriff mat dësem Budget. Virun allem gëtt eise kulturelle Patrimoine opgewäert. D'Ausgabe vum Fong fir eisen architektonesche Patrimoine klammen op ronn 37 Milliounen Euro pro Joer.

Här President, Kurs op muer halen heescht och de Klima- an Ëmweltschutz positiv begleeden. Klima- a Finanzpolitik mussen zesummeduecht ginn. Béides ass och Standuertpolitik Lëtzebuerg. An dat erreeche mir mam neie Klima- an Energieplang, dem PNEC. 1,3 Milliarden Euro sinn am Zäitraum 2025 bis 2028 dofir virgesinn. Eleng fir de Klimabonus Mobilitéit sinn et ronn 200 Milliounen Euro iwwert déi nächste véier Joer. Mir mussen och weider Efforte maachen am Bërich vun den erneierbaren Energien, an dat souwuel bei der Sonn wéi dem Wand. Bis 2028 sollen 179 Milliounen Euro an erneierbar Energie fléissen, 642 Milliounen 2025 insgesamt an d'Ëmwelt, an de Klima, an den Energie- a Waasserfong.

Mir investéieren och zolidd an eis Mobilitéit: 687 Milliounen Euro 2025 an de Fonds du rail, 687 Milliounen Euro. Bis 2028 bal 3 Milliarden Euro. Investitiounen och an de Stroossebau vu ronn 490 Milliounen Euro, bis 2028 2,5 Milliarden. An Investitiounen – elo kucken déi Stater an déi an de Gemenge ronderëmmer – an den Ausbau vum Tram bis 2028 420 Milliounen Euro. Lëtzebuerg wiest an eis Infrastrukturen mussen duerfir och wuessen.

Ausgaben iwwert de Fonds d'investissement public administratif fir Verwaltungsgebaier: 32 Milliounen Euro. Militäresch Aariichtungen 32, d'Police an d'Justiz 15,5. A bei de sozialen a sanitären Aariichtungen si virop Foyere fir Kanner a Spideeler gradewéi och d'Thermalbad zu Mondorf, d'Fleegeheem zu Käerjeng an d'Gebailcheete fir den Accueil vu Flüchtlingen. Fir Schoulgebaier si ronn 106 Milliounen Euro d'nächst Joer virgesinn.

Här President, am Entlaaschtungs-Pak sinn och steierlech Ureizer fir méi Kompetitivitéit, doduerch eng manner héich Kierperschaftssteuer vu minus 1 %. Doyant leie mir nach ëmmer liicht iwwert der OECD-Moyenne. Déi aktiv geréiert ETF-Fonge bezuele keng Taxe d'abonnement méi.

Méi Hëllef fir Betriber kommen och vum Wirtschaftsministerium. Och Waasserstoffprojete gi finanziell ënnerstëtzt. Mir investéieren do 110 Milliounen Euro iwwert déi nächst zéng Joer. An de Staat muss sech och Mëttel ginn, fir de Ball vun den ekonomeschen Acteuren opzefänken. An duerfir brauche mir e staarken effentlechen Déngscht. A mir sichen als Staat – ech ënnersträichen et – mir sichen als Staat 1.500 nei Talenter. A laut eise Chiffere stinn nach ronn 1.000 Plazen op. Duerfir gëllt et och, verstärkt an d'Digitalisatioun ze investéieren. Den Technologie- an Informationszenter kritt duerfir och méi Suen. An anere Wieder: Mir schaffen un engem modernen, performanten an digitale Staat.

Här President, 3.100 Leit bei der Police, 7.200 Leit bei der Rettungsdéngschter, dorënner natierlech vill Fräiwëlleger, gottseidank, a 460 Leit bei der Douane. Si suergen am Alldag fir méi Sécherheet. Dës Sécherheet

wëlle mir och an Zukunft stärken. De Finanzierungsmodus fir de CGDIS gëtt duerfir hei iwwerschafft. D'Police kann all Joer ëm 200 Stagiairë rekrutéieren. Dëst bleift och net ouni Impakt zum Beispill op d'Formation, den Ekipement, d'Kleeder, d'Munitioun.

Och wäert en neie Logistikzenter zu Konter entstoën. Käschtepunkt dofir: 70 Milliounen Euro. Och de Reklassement vu ronn 400 Polizisten, deen decidéiert gouf, stäerkt de Corps; e Käschtepunkt hei vun 42,5 Milliounen Euro, zeréckgerechent op d'Joren 2018 bis 2023. A mir kucken och, eis Douanesverwaltung weider no vir ze bréngen.

Här President, fir méi Rechtssécherheet suergt virun allem awer och eis Justiz. Hir Kreditter klammen duerfir ëm ronn 10 Milliounen Euro. Eis Verdeeungsausgaben, eppes, wat vill diskutéiert gëtt de Moment, ginn d'nächst Joer nach emol an d'Luucht. Fridde gëtt et nun emol net zum Nulltariff. Eng éischt Upassung vun der Trajectoire gouf mam Budget 2024 aktéiert. Éischt Hausse: vun 0,77 % Bruttoinlandsprodukt gi mer op 0,83 % am Joer 2024. Dat si ronn 697 Milliounen Euro d'Joer, dovunner 69,5 Milliounen Euro als Hëllef eleng fir d'Ukrain. Mam Budget 2025 gëtt den Effort de défense nach emol ugepasst. 792 Milliounen Euro, oder plus 94 Milliounen Euro méi wéi dëst Joer. An doriwwer eraus nach emol 80 Milliounen Euro d'nächst Joer zousätzlech fir d'Ukrain: Gutt investéiert Sue fir de Friden an Europa.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Virgësch, virun 80 Joer, de 16. Dezember 1944, ass d'Ardennenoffensiv ugaangen: eng vun den däischterste Stonne vum Zweete Weltkrich. Awer mir Lëtzebuurger hunn de Mutt an d'Hoffnung deemools net opginn. Eis Elteren, eis Grousselteren, déi souzen zwar an de Kellere, zu Wolz an op villen anere Plazen am Land, awer hir Moral war et deemools net, ganz am Géigendeel. De Charakter vun engem Mënsch an och vun enger Natioun weist sech grad a Krisenzäiten. Bei aller Gravitéit sinn eis Erausfuerderunge vun haut net mat deene vun deemools ze vergläichen. E Grond méi, eis un eisen Elteren a Grousselteren e Beispill ze huelen. Gradewéi si packen och mir d'Erausfuerderunge vu muer, well mir eis op eis Stärkte besënnen, wa mir eis den Erausfuerderunge stellen an aus den Erausfuerderungen nei Chancë maachen, wa mir zesummen an d'Zukunft vertrauen an zesummen dës Zukunft siche ginn, net blann oder naiv, mee mat Entschlossenheet a Motivatioun, mat der fester Iwwerzeugung, datt dat Bescht fir eist Land a seng Leit net hannert, mee virun allem virun eis ass. Dat heescht Kurs op muer halen, mat neiem Mutt a faktabaséierter Zouversicht.

Dëse Muer ass nach net geschriwwen. Mir schreiwen en haut an hei, andeems mir eis mat dësem Budget déi néideg Moyene ginn. Zesumme mat Vertrauen op muer a Verantwortung fir jiddwereen. E Muer fir jiddweree geet just mat engem Matenee vun haut. An ech invitéieren Tech, dësem Budget Är Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci villmools dem Här Finanzminister Gilles Roth.

### 3. 8444 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2025 [...]

### 8445 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2024-2028 (suite)

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och der Schoulklass 4.2 vu Mondorf häerzlech wëllkomm hei an der Chamber.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wäert elo meng Budgetried hei virdroen. An déi ass awer net mat ChatGPT geschriwwen ginn, mee ech hu se nach op eng eeler ...

(Hilarité)

... Aart a Weis geschriwwen. An dofir sinn ech och bei de Chiffere vum drëtten Trimester heiansdo ... De Finanzminister huet eis a sengen exzellenten Duerstellungen elo déi allermeiste Chiffere ginn. Dofir geet et bei menge Beispiller nach op dat vum drëtten Trimester, wat mer och an der Finanzkommissioun haten.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'alleréischte der Budgetsrapportrice, dem Corinne Cahen, villmools Merci soe fir hire Rapport, deen de Sujet vun der Kënschtlecher Intelligenz an de Mëttelpunkt gestallt hat. Ech wëll hir felicitéieren fir eng grëndlech Analys an och d'Ausschaffe vun net manner wéi 103 Recommandatiounen, wat ee mat der KI ka maachen. Dowéinst ass d'Politick gefuerdert, fir am Sënn vum Bierger ze handelen. An dësem Punkt si mir eis mat der Rapportrice eens: De Mënsch muss am Mëttelpunkt stoen an och am Mëttelpunkt bleiwen.

Dës Regierung ass ugetrueden, fir d'Digitaliséierung och beim Staat resolutt virunzedreiwen. An dat ass och gutt esou. An et ass och wichteg, dass dat ëmgësat gëtt. Dëst maache mir, ënner anerem, iwwert de Once-Only an iwwert déi Hellewull vu Proposen, fir déi Prozeduren ze vereinfachen, beim Bau, awer net nëmmen do, och doriwwer eraus.

D'KI spillt do eng Schlësselroll a punkto Chatbots an E-Mail-bots. Dëst erlaabt eis, séier an effikass op d'Froen anzegoen. D'Méiglechkeet muss awer erhale bleiwen, dass d'Leit och nach kënne mat engem Beamten oder engem Mënsch déi aner Säit vum Telefon schwätzen, an net: „Dréckt wannechgelift d'Dräi, fir déi nächst dréckt wannechgelift d'Veier“, mee dass och de Mënsch d'Méiglechkeet huet, nach mat engem anere kënne ze schwätzen.

(Interruption)

De Staat dierf sech net hannert der Maschinn verstoppen, mee muss weider accessibel bleiwe fir all seng Biergerinnen a Bierger.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'KI wäert e groussen Impakt hunn op den Aarbechtsmaart. An do musse mer oppassen, dass keen op der Streck bleift. Dowéinst spillt d'Weiderbildung eng zentral Roll a muss weider gefërdert ginn. Mir mussen d'Leit op d'KI schoulen an och ëmschoulen, falls si a Sparte schaffen, déi deemnächst kéinte vun der KI iwwerholl ginn, wat awer minimal wäert sinn, well se wäert am Contraire am Total méi Aarbechtsplaze schafen, wéi der wäerte verschwannen. Mee och do wëlle mir warnen, dass de Mënsch nach ëmmer muss duerch de gesunde Mënscheverstand am Mëttelpunkt stoen. An et kann net sinn, well d'KI wäert net fäeg sinn, selbstänneg ze denken, mee déi muss och ëmmer gefiddert ginn.

De Bon sens, deen all Mënsch muss matbréngen, ass ganz wichteg, wann ee KI benotzt, an dat gëllt souwuel am Privatlieue wéi och am Beruffsliewen. A fir

et e bësse flappseg ze soen, sou wéi mir dat heiansdo am Minett all maachen: Bei aller Kënschtlecher Intelligenz muss awer nach ëmmer och d'mënschlecht Gehier ageschalt bleiwen.

**M. André Bauler** (DP) | Très bien, Här Spautz!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här President, d'KI ass och an eise Schoulen ukomm a wäert ni fortgoen, egal wat mir mengen, verbidde se mussen. Dofir plädéieren mir fir en offenen Émgang mat der KI an der Educatioun, mat geschoultem Léierpersonal. Esou brénge mir et fäerdeg, eise Kanner de richtegen Émgang mat der KI bäizebréngen, wéi si d'KI notzen, wéi hiert Wëssen ze erweideren ass, awer och, där Maschinn net blann ze vertrauen, wa se engem eppes seet. Et gëtt jo och ganz vill Leit, déi bei den Dokter Google ginn. Heiansdo wier et besser, se géife bei den Dokter goen. Dat géif méi hëllefen, wéi wa se op dem Dokter Google alles nosichen, wat se eventuell kéinten hunn.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Rapportrice ass awer grad do och op d'Potenzial vun der KI am Gesondheetswiesen agaangen. Och mir erkennen dëst Potenzial. An ech wëll just all déi Kolleegen drun erënneren, déi mat d'Chance haten, wéi mer op den Anniversaire ware vun der Fondation Cancer, wou och ënnerstrach ginn ass mat konkreete Beispiller, wat do alles méiglech ass, wa KI mat zum Asaz kéint a wa Maschinne mat zum Asaz kommen, souwuel an der Preventioun wéi och an der Diagnostik, mee och duerno an der Behandlung.

D'KI hëlleft och bei der Cybersécherheet a mir sollen alles drusetzen, fir d'Donnéen an d'Demarché vun eise Leit, eistem Staat, eise Betriber an och de Privatleit ze schützen. Lëtzebuerg huet d'Potenzial, zum Hub fir Cybersécherheet a fir KI ze ginn, an dat solle mer och maachen. D'Infrastrukture sinn do, d'Kompetenze si ginn an och eng Rei Betriber hunn de Wee op Lëtzebuerg fonnt.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, meng Kolleegin Diane Adehm, déi herno och nach wäert zum Budget schwätzen, hat och schonn an hirem Rapport op verschidde Punkte vun der KI higewisen, an dat beweist, dass dës Majoritéit op enger Wellelängt ass, dass dat indirekt och eng Kontinuitéit ass, vu datt d'Madamm Cahen awer hei d'KI u sech an de Mëttelpunkt gestallt huet, zu deem, wat d'Madamm Diane Adehm och schonn an hirem Budgetsrapport gesot huet.

D'Regierung schafft mat Nodrock um Ausbau vun dëse Kompetenznische fir eist Land, fir et a punkto Zukunftstechnologien ze positionéieren. A genee déi Politik ënnerstëtze mir als CSV-Fraktioun: Asaz fir d'Zukunft vun eistem Land mam Mënsch am Mëttelpunkt.

Dir Dammen an Hären, Léif Frënn, ech wëll awer dann och zum Budget kommen, dem Budget als Kärstéck. Fir d'alleréischte wëll ech Merci soen de Beruffsschamberen, den Institutiounen, der Zentralbank, dem Conseil national des finances publiques an allegueren deenen Institutiounen, déi mer gesinn hunn an der Budgetkommissioun.

Ech wëll der Presidentin vun der Budgetkommissioun an alle Membere Merci soe fir déi interessant Diskussiounen, déi mer an der Finanzkommissioun konnte féieren. Och wa mer net allkéiers zu deene selwechte Schlussfolgerunge komm sinn, sou war et awer flott, deen Austausch ze hunn, souwuel mat den Institutiounen wéi och ënnereneen. An dat huet och mat derzou bäigedroen, dass een déi eng oder déi aner Saach bäigelieft huet, sech confirméiert gespiert huet, an awer där Meenung ass, dass ee verschidde Saache misst änneren.